N°2746
Entrée le 06.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.08.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/08/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

D'POST-Cyberattack muss am Kontext vun enger Well vu koordinéierten Attacken op europäesch Telekommunikatiounsoperateuren gesi ginn. An de leschte Méint goufen änlech Attacken op verschidde bedeitend Operateuren an eisen Nopeschlänner dokumentéiert, dorënner BT, EE a Vodafone a Groussbritannien, Orange a Frankräich a Proximus an der Belsch. Dëst weist op eng méiglech systematesch Campagne hin, déi op europäesch Telekommunikatiounsinfrastrukturen zielt. Dës Entwécklung wërft souwuel fundamental Froen iwwer d'national Sécherheet zu Lëtzebuerg op, souwéi och iwwer eise Bäitrag zur europäescher Cyber-Resilienz. Als Member vun der NATO an der EU hu mir eng Responsabilitéit, net nëmmen eis eege kritesch Infrastrukturen ze schützen, mee och zur kollektiver Sécherheet bäizedroen. D'Analyse vun dësen internationale Muster ass essenziell fir eis national Cybersécherheetsstrategien unzepassen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi bewäert d'Regierung de Fakt, datt an engem kuerzen Zäitraum souwuel Operateuren zu Lëtzebuerg, a Groussbritannien, a Frankräich an an der Belsch vu Cyberattacke getraff goufen?
2. Ginn et Indicatiounen, datt dës Attacke koordinéiert oder vun der selwechter Acteursgrupp duerchgefouert goufen?
3. Wéi eng Informatiounen deelt Lëtzebuerg mat eisen NATO- a EU-Partneren iwwer dës Attacken?
4. Huet d'Regierung e spezifeschen Threat Assessment iwwer déi aktuell Cyberbedrohungen fir eisen Telekommunikatiounssecteur gemaach?
5. Wéi coordonéiert sech de Service de Renseignement mat internationale Partner fir dës systematesch Bedrohungen ze analyséieren?
6. Ginn et Pläng fir d'national Cybersécherheetskapazitéiten ze verstäerken, wéi zum Beispill d'Schafung vun enger spezialiséierter Cyber-Eenheet?
7. Wéi gesäit eise Bäitrag zu europäeschen oder NATO Cyber-Defense-Initiativen aus?
8. Huet d'Attack op POST eisen nationale Contingency-Plang fir Cyberattacke beaflosst, a ginn et Updates?
9. Wéi bereet ass Lëtzebuerg fir eng eventuell eskaléiert Cyberbedrohung, déi méi grouss Deeler vun eiser kritescher Infrastruktur betrëfft?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten